

Wees de nach?

Wees de nach wéi deemools d'Preisen
ons kleng Hemecht iwwerfall
a mat hirer Fauscht aus Eisen
Angscht gestreet hun, iwwerall?

Wéi s'ons Dierfer ongenéiert
all op preisesch emgedeef
an déi Leit déi protestéiert
an de Prisong hu geschleeft.

Wéi se d'lëtzebuerger Jongen
mat Gewalt aus Haus an Haff
un déi russesch Front gezwongen,
wou et muncheree getraff.

Wéi se Männer, Fraen, Kanner
a Kazetter hu verluecht,
wou ee spéider koum derhanner
datt se s'all em d'Liewe bruecht.

Wees de nach wéi d'Am'rikaner
géint de Preiss an d'Schluecht gezun,
hire Kapp fir onseraner
einfach duergehalen hun?

Wéi s'am Frankräich debarkéiert,
wou e groussen Deel verblutt
a bei Péiteng d'Grenz passéiert,
krute mir nees Liewesmutt.

Wéi s'am Éislék stiechen bloufen
virum Feind, deem schroen Hond,
all hir lescht Reserven goufen
an um Enn dach d'Léisung fond.

Wéi se d'preisesch Muecht duerchschoen
gouf ons Fräiheet nei gebuer,
"wou sténg d'Welt", muss een haut froen,
hätte si de Krich verluer?

Jean Grin
2, rue de l'Ecole
L-7391 Blaschette